N°8209
Entrée le 05.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, a vum Här Minister fir Digitaliséierung op d'parlamentaresch Fro n° 8209 vum 4. August 2023 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen.**

**Ad 1)**

Microsoft huet keng Initiativ geholl fir dem Lëtzebuerger Staat um direkte Wee Informatiounen zu dësem Tëschefall matzedeelen. Microsoft huet eng gewëssen Zäit no dem Tëschefall ëffentlech kommunizéiert, dat besonnesch iwwert verschidde Foren:

- MSRC blog: Microsoft mitigates China-based threat actor Storm-0558 targeting of customer email (https://msrc.microsoft.com/blog/2023/07/microsoft-mitigates-china-based-threat-actor-storm-0558-targeting-of-customer-email/)
- Microsoft on the Issues: Mitigation for China-Based Threat Actor Activity (https://blogs.microsoft.com/on-the-issues/2023/07/11/mitigation-china-based-threat-actor/)
- Microsoft Threat Intelligence: Analysis of Storm-0558 techniques for unauthorized email access (https://www.microsoft.com/en-us/security/blog/2023/07/14/analysis-of-storm-0558-techniques-for-unauthorized-email-access/ )
- Microsoft Security Blog: Expanding cloud logging to give customers deeper security visibility (https://www.microsoft.com/en-us/security/blog/2023/07/19/expanding-cloud-logging-to-give-customers-deeper-security-visibility/ )

Den Zentrum fir Informatiounstechnologien (CTIE) huet vu sech aus de Kontakt mat Microsoft gesicht fir detailléiert Informatiounen zu dësem Tëschefall ze kréien an ass och weider am Kontakt mat Microsoft. Microsoft huet confirméiert, datt all direkt betraffen Entitéiten informéiert goufen. Well de Lëtzebuerger Staat net vun dësem Tëschefall betraff ass goufen d'staatlech Entitéiten net spezifesch vu Microsoft kontaktéiert. Dat selwecht gëllt och fir den CGIE (Centre de Gestion informatique de l'éducation), dee jo een Deel vun der Microsoft Cloud gebraucht, respektiv den HCPN/GOVCERT deen zanter dem 13. Abrëll 2023 den "Government Security Program Agreement" mat Microsoft ënnerschriwwen huet. Vu datt den Tëschefall d'staatlech Servicer net direkt betraff huet, huet dësen Agreement laut Microsoft net gespillt.

De CTIE an de GOVCERT hunn doriwwer eraus gemeinsam eng Stellungnam vun Microsoft gefrot. Microsoft huet nach eemol confirméiert, dass dëse speziellen Tëschefall keen Impakt op d'Systemer vun der Lëtzebuerger Regierung huet well de geklaute Schlëssel keen onerlaabten Accès op eis Systemer erméiglecht.

**Ad 2)**

De GOVCERT an de CTIE setzen all Dag hir Moyen'en a fir zesumme mat de Verwaltungen eng zäitgeméiss Cybersécherheet ze garantéieren. Dorënner falen esou wuel organisatoresch wie och eng ganz Rei technesch Moossnamen. Well mir an dësem spezifesche Fall net betraff waren, hat den Hacker keng Geleeënheet fir „Hannerdieren" ze installéieren.

Zousätzlech organiséiert d'ANSSI reegelméisseg Sensibiliséierungscampagnë fir d'Agenten op d'Problematike vun der Cybersécherheet opmierksam ze maachen.

**Ad 3)**

D'Sécherheetsgefor gëtt als relativ geréng ageschat well d'Verwaltungen aktuell nach net vill Donnëeen an der Mircosoft Cloud hunn.

D'Verwaltunge vum Staat benotzen den Ament, bis op punktuell Uwennungen, keng Servicer aus der Microsoft Cloud. Sou wuel Outlook (Exchange), SharePoint wéi och Skype4Business gi vum CTIE a sengen Datenzentren hebergéiert. Teams gëtt, wéi och aner Plattforme wéi Zoom oder Webex, de Moment just genotzt wa Beamten un externe Meetingen Deel huelen déi op dëse Plattformen organiséiert sinn.

Lëtzebuerg, de 5.September 2023.

De Premierminister an Staatsminister

(s.) Xavier Bettel